

**COMMENTAIRE CONCERNANT LE PROJET D'IMPLANTATION D'UN
LYCÉE TECHNIQUE AGRICOLE (LTA) AU LIEUDIT KRÉIWÉNKEL ET LES
MODIFICATIONS ÉVENTUELLES DU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL (PAG)
DE LA VILLE DE DIEKIRCH Y AFFÉRENTES.**

Den 22. September 2010 huet den Dikricher Gemengerot sich an engem éischte Vote mat der Upassung vum Bebauungsplang vun der Stad Dikrich, déi am Kontext vum « *Projet de construction à Gilsdorf/Diekirch d'un Lycée Technique Agricole, d'un bâtiment administratif pour les besoins des Services Techniques de l'Agriculture et d'un bâtiment administratif pour les besoins de la Chambre de l'Agriculture* » oder, wéi en haut a senger verkierzter Versioun heescht, « *Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique agricole à Gilsdorf* » ugefrot gi war, befaasst.

Mir als CSV-Dikrich hunn dëse Projet vun Ufank un eescht geholl, an den Afloss dovun op d'Liewensqualitéit vun den Dikricher Leit net op d'llicht Schëller geholl. Datt mir eis d'Saach net einfach gemaach hunn fir zu enger Meenung an deem Dossier ze kommen, hu mir schonn doduerch bewisen, dass mir am virigten CSV-Déi Gréng-Schäfferot op eegen Initiativ – d. h. laang är vun der Stad Dikrich eng offiziell Stellungnahm an deem Dossier gefrot war – een **Avis** geschriwwen hunn, dee schlussendlich vum virigte Gemengerot de 26. Oktober 2009 eestëmmig ugeholl ginn ass. Sou konnt am Virfeld op eng Rei vu Problemer vum « Projet LTA Kréiwénkel » higewisen an d'Konditiounen festgeluecht ginn, déi mussen erfëllt sinn, är en eng Ëmsetzung dovun ze denken ass.

Mir ware vu viran iwwerzeegt, dass dat di eenzig Méiglechkeet fir d'Stad Dikrich war an ass, fir op de « Projet LTA Kréiwénkel » Afloss ze huelen a bei sénger Finaliséierung matschwätzen ze kënnen. Dass de « Projet LTA Kréiwénkel » gréisstendeels – fir net ze soen, ausschliesslich - op Gilsdrefer Terrain läit, huet nämlich zur Konsequenz, dass di nei Ackerbauschull op Kréiwénkel och ka gebaut ginn, wann den Dikricher Gemengerot dem Projet seng Approbatioun verweigert. An deem Fall huet d'Stad Dikrich dann awer net dat geringste Matsproocherecht méi.

Bei der Weiderentwécklung vum « Projet LTA Kréiwénkel » ass dann och ville vun deenen Doléancen, déi am Avis vum 26. Oktober 2009 opgeléicht waren, Rechnung gedroe ginn, sou zum Beispill bei der Kollekt an dem Transport vum Reewaasser a vum Schmotzwaasser. Aus technischer Grënn wäert di nei Ackerbauschull net – wéi den Dikricher Gemengerot dat gär gehat hätt – un di Dikricher Dréinkwaasser- a Fernwärmenetzer ugeschloss ginn. Duerfir gouf awer d'Fuerderung vun der Stad Dikrich, eng ganz genau Analyse vum Verkéier zu Dikrich an an der Nordstad ze maachen an di noutwendig Mesuren anzeplangen fir de Verkéier sou z'organiséieren, dass di Dikricher Awunner net ënnert engem eventuellen zousätzliche Verkéiersopkommen ze leiden hunn, berücksichtig. Et kënn net vun näischt, dass de Contournement-Nord vun Dikrich viru kuerzem ee gewaltige Sprong op der Prioritéitslëscht no vir – oder besser no uewen – gemaach huet : Eng wesentlich Entlaaschtung vum Transitverkéier duerch Dikrich an doduerch eng net manner wesentlich Verbesserung vun der Liewensqualitét zu Dikrich ass eng onerwaart mä wëllkommen Niewenerscheinung vum « Projet LTA Kréiwénkel » a muss an dësem Kontext als gléckliche *Kollateralschued*, oder besser als *Kollateral-benefiss* bezeechent ginn.

De Buergermeeschter huet et jo net derwäert fonnt, op d'Kritiken an d'Froe vun der Opposition betreffend d'Schäfferotserklärung vun der LSAP-Majoritéit am Allgemengen an d'Froen zu der Haltung vum LSAP-Schäfferot zum « Projet LTA Kréiwénkel » am Speziellen anzegoen. Duerfir ass et noutwendig op dëser Plaz eng Klammer op ze maache fir op d'Microsimulatiounen zréckzekommen, déi d'*Administration des Ponts et Chaussées* am Kader vum « Projet LTA Kréiwénkel » an op spezielle Wonsch vum virichte CSV-Déi Gréng-Schäfferot, duerchgefouert huet. Nodeems de Rechemodell mat de Resultater vun de jeeweiligen Zielungen a « Kennzeichenverfolgungen » gefiddert gi war, konnten all di sëllege Verbesserungsvirschléi, déi an där virletzter Mandatsperiod vun der LSAP gemaach gi waren fir de Verkéier besser an de Grëff ze kréien, op de Leescht geholl an duerchgetest ginn. Di verantwortlech Leit vu *Ponts & Chaussées* koumen zur Konklusioun, dass keng eenzig vun den LSAP-Léisungen de Verkéiersfloss an an duerch Dikrich och nëmmen eng Grimmel ka verbessern an dass eng Ëmgehungsstrooss, déi de Verkéier an engem grouse Bou hannelaanscht den Härebierg a ronderëm Dikrich féiert a sou den Transitverkéier aus Dikrich raushält, di eenzig verkéierstechnisch Alternativ ass, déi d'Liewensqualitét hei zu Dikrich wesentlich ka verbessern, ... an dat ganz egal ob di nei Ackerbauschull op Kréiwénkel gebaut gëtt oder net.

Et kléngt vläicht wéi ee Paradoxe, mä et leeft dorop eraus, dass, wa jee eng Kéier ee Contournement vun Dikrich gebaut gëtt, mir dee Contournement dem « Projet LTA Kréiwénkel » ze verdanken hunn. An anere Wieder : De « Projet LTA Kréiwénkel » wäert *in fine* net wéi gefaart ee Verkéiersinfarkt zu Dikrich ausléisen, nee, de « Projet LTA Kréiwénkel » wäert schlussendlich, wann och op engem indirekte Wee – iwwert ee Contournement – zu enger dätlicher Entlaaschtung besonnisch vum Duerchgangverkéier féieren.

A propos « Contournement vun Dikrich » : Am IVL vun 2004, eng Zort landesplanerisch Bibel déi mat vollem Numm « Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept für Luxemburg » heescht, sinn op Säit 45 a 46 eng Dose Projekte vun Umgehungsstroossen opgezielt, déi ënner Ëmstänn kéinte

gebaut ginn. Et handelt sich ëm Bascharage/Dippech, Sandweiler, Bridel, Bous I a Bous II, Jonglënster, Réimich, Ettelbréck, Feelen, Hengescht, Housen an Ëlwen. Vun engem *Contournement Dikrich* ass virun 8 Jar nach net Rieds gaang.

Mä, loosse mir kuerz op den *parcours administratif* vum « Projet LTA Kréiwénkel » zrëckkommen.

An engem éischte **Vote** ass eng deementspriechend Upassung vum Bebauungsplang vun der Stad Dikrich provisorisch mat 7 vun 13 Stëmmen den 22. September 2010 ugeholl ginn. Am *Registre aux délibérations du conseil communal* steet geschriwen, an ech zitéieren : ... *le projet de modification partielle présenté prévoit a) le reclassement des terrains actuellement situés en section B2 en « zone de bâtiments et d'équipements publics » et en « couloir pour projets routiers » conformément au règlement grand-ducal du 25 octobre 2004 concernant le contenu du plan d'aménagement général d'une commune et b) une extension du périmètre d'agglomération ... qui est nécessaire pour aménager le futur parking du bâtiment de l'ASTA/Chambre de l'Agriculture et des serres destinées aux mêmes organismes.* Ech hunn ganz bewusst hei dee genauen Text vun der Délibératioun zitéiert, well ech wollt drop hiweisen, dass eng fundamental Differenz tëschent dem éischte Vote an deem aktuelle Stand vum « Projet LTA Kréiwénkel » besteet wéi et schonns aus dem Intitulé vum Projet de loi ervirgeet : de Laboratoire fir d'Administration des Services Techniques de l'Agriculture (ASTA) an d'Büroe fir d'Chambre de l'Agriculture sinn net Bestand vun deem aktuelle Projet deen de 27. März 2012 an der Chamber gestëmmt ginn ass.

Well di noutwendig **Strategische Umweltverträglichkeitsprüfung**, kuerz SUP genannt, zu deem Zäitpunkt nach net gemaach war, ass den éischte Vote vun der Upassung vum Bebauungsplang vun der Stad Dikrich *null und nichtig*. Lo wou d'SUP da fir dee ganze Projet virläit, ass eng Ëmklasséierung vum Dikricher PAG net méi erfuerdert fir de « Projet LTA Kréiwénkel » kënnen ze bauen, well d'Infrastrukture fir d'ASTA an d'Büroe fir d'Chambre de l'Agriculture, déi op d'Mannst deelweis op Dikricher Terrain sollte stoe kommen, eben net méi *partie intégrante* vum aktuelle Projet sinn.

Ee Jar no dem éischte Vote am Dikricher Gemengerot, den 20. September 2011, huet de Gemengerot – des Kéier rëm *à l'unanimité* – eng **Resoluition** ugeholl an deenen zoustännige Ministère proposéiert dat aktuellt Altersheim, wat no 2014 oder 2015 wäert eidel stoen, fir d'Internat vun där zukünfteger Ackerbauschull op Kréiwénkel zur Verfügung ze stellen.

Den Terrain op Kréiwénkel dee fir di nei Ackerbauschull reservéiert ass, ass 17 Hektar grouss. Dovu sinn ungeféier 15 Hektar Bauland a ronn een Zéngtel dovun – 1 Hektar an 78 Ar, wann ech richtig um Geoportail vum Kadaster gemooss hunn – läit op Dikricher Territoire. Et ass virgesinn op deem Deel vum Site deen zu der Dikricher Gemeng gehéiert, den Accès vum Site LTA-Gilsdorf mat engem Rond-Point op der N14, der Fielserstrooss op der Héicht vum Drénkwaasserbaseng ze amenagéieren. Vu dass Dikrich *nach wie vor* nëmmen um Rand vum « Projet LTA Kréiwénkel » – suwuel wiertlich wéi och bildlich geschwat – betraff ass, hätt ee kënnen unhuelen, dass di am Ufank geplangten Ännerung vum PAG nëmmen eng Formsach hätt solle sinn.

Déi Polemik déi ronderëm dee Projet entstanen ass, huet just de Contraire bewierkt an de Projet praktisch zu enger Glawensfro vu lokalem a regionalen Ausmooss gemaach. D'Nordstadgemenge sinn nämlich all vun dësem Projet betraff, a fir an de Genoss vun enger breeder Akzeptanz bei de lokalen a regionale politischen Autoritéiten an der Populatioun ze kommen, muss de « Projet LTA Kréiwénkel » suwuel dem Masterplan Nordstad, deen d'Prinzipie vun der zukünftiger Entwécklung vun der Regioun Nordstad festleet, wi och dem IVL an dem Plan sectoriel Lycées, zwee national Planungsinstrumenter, gerecht ginn.

Är ech awer *le pour et le contre* vum « Projet LTA Kréiwénkel » op d'Wo leeën, wollt ech nach op 2 Punkten insistéieren :

- 1) De « *Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique agricole à Gilsdorf* » sou wéi en an der Chamber diskutéiert a gestëmmt ginn ass, betrëfft jo nëmmen de Bau vum Lycée technique agricole mat Kllassesäll, Spezialsäll, Ateliersen, Internat, Kantin, Sportssall, Sportsterrain, Busquai a Parking fir ungeféier 105 Autoen.

Während de Laboratoire fir d'Administration des Services Techniques de l'Agriculture (ASTA) an d'Büroe fir d'Chambre de l'Agriculture elo net méi Bestand vun dësem Projet sinn, soll d'Internat wéinst deene séllige praktischen Aarbichten di um Site selwer nach no der normaler Schoulzäit fir d'Studenten ufalen, schlussendlich dach um Site Kréiwénkel uewerhalb vun dem LTA gebaut ginn. Domat gëtt d'Resolutioun déi den Dikricher Gemengerot den 20. September 2011 eestëmmig ugeholl hat, *gegenstandslos* an de Schäfferot muss sich op d'Sich no enger anerer Verwendung fir d'Résidence du Parc maachen.

Ech erlabe mir an deem Kontext eng Klammer op ze maachen, fir drun ze erënneren, dass am Masterplan Nordstad, op dee mir mi spéit nach am Detail wäerten ze schwätze kommen, am Kapitel C.2.7. "Freiraumentwicklung, Naherholung und Tourismus" op der Säit 32 an am Kapitel E.5. "Nordstad-Infrastrukturvorhaben" op der Säit 110 virgesinn ass, an der Nordstad **eng nei Jugendherberg** ze bauen. Et giff dem Geescht vun der Resolutioun vum 20. September 2011 op d'Mannst zum Deel gerecht ginn, wann an der Résidence du Parc eng nei Jugendherberg kéint ageriicht ginn. Piste à suivre.

- 2) De « Projet LTA Kréiwénkel » ass am Fong ee *projet conjoint* vum Ministère du Développement durable et des Infrastructures vum CSV-Minister Claude WISELER a vum Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle deen der LSAP-Ministesche Mady DELVAUX-STEHRÉS ënnersteet. Als solchen ass de Projet dann och logischerweis an der Chamber mat 37 Jo-Stëmme vun den CSV- an LSAP-Fraktiounen géint 20 Nee-Stëmme vun den DP-, Déi Gréng- an ADR-Fraktiounen ugeholl ginn. Den LSAP-Deputéierte Claude HAAGEN hat et deemno net fäerdig bruecht, seng Kollegen aus der LSAP-Fraktioun dovun ze iwwerzeegen, geschlosse géint de Projet vun der LSAP-Ministesche Mady DELVAUX-STEHRÉS a vum CSV-Minister Claude WISELER ze stëmme.

Net nëmmen den ADR-Deputéierte GIBERYEN konnt net verstoe firwat den LSAP-Deputéierten HAAGEN kee Wuert zum « Projet LTA Kréiwénkel » am *héigen Haus* verluer huet a seng Argumenter net op den Dësch vun der Chamber geluecht huet.

Fir an der Diskussioun ëm de « Projet LTA Kréiwénkel » virun ze komme muss een 3 prinzipiell Froe stellen a beäntweren, an zwar an där richtiger Reiefollig :

1. Brauche mir eng nei Ackerbauschull ?
2. Wou soll di nei Ackerbauschull hin ?
3. Wat bréngt di nei Ackerbauschull der Stad Dikrich ?

Et ass evident, dass een sich di 2. Fro – d’Fro vum Site – an di 3. Fro – d’Fro vun de Repercussioune vum LTA Kréiwénkel fir d’Stad Dikrich – net brauch ze stellen, wann een di 1. Fro – d’Fro vun der Opportunitéit vun enger neier Ackerbauschull – negativ beäntwert. Duerfir di éischt Fro :

1. BRAUCHE MIR ENG NEI ACKERBAUSCHULL ?

- 1.1. Am *Livre d’or du Lycée classique de Diekirch* schreift de Claude LANNERS, Professor am Kolléisch, Member vun Dikricher Gemengerot vun 1977 bis 1991 a Schäfte vun 1985 bis 1987 :

*En 1848 sont introduits à Diekirch des **cours spéciaux et facultatifs d’agronomie** dans les trois classes supérieures, ce qui est dans la logique des choses puisque Diekirch se trouve au cœur même d’une région essentiellement agricole. ... La même année le conseil communal d’Ettelbruck adresse à la Chambre des députés une requête demandant la création d’une école d’agriculture, des arts et de l’industrie. ...*

Berceau de l’enseignement agricole au Grand-Duché, le progymnase [progymnase de Diekirch, s’il est besoin de le rappeler] a fourni à l’école agricole, qui ouvrit ses portes en 1856 à Echternach, son premier directeur en la personne de Charles FABER, vétérinaire à Diekirch chargé des cours d’agriculture au progymnase.

Am Jar 1883 ass zu gudder Letzt dann zu Ettelbréck di staatlich Ackerbauschull mat Internat opgaang. Sou wäit zu der Geschicht vun der Ackerbauschull.

- 1.2. Eng nei Ackerbauschull ass dringend noutwendig, virun allem wéinst der **Diversifikatioun vum enseignement agricole**, déi ouni Zweifel eng direkt Konsequenz vum Naturschutz ass, deen an eiser global-industrialiséierter an ausschliisslich op Konsum ausgerichter Gesellschaft ëmmer weider u Wichtigkeet muss a wäert kréien. Wa mir wëllen intensiv a resultat-orientéiert **Natur- an Ëmweltschutz** zu Gonschte vun eise Kanner bedriewen, da musse mir Fachleit ausbilden déi dat néidigt Wëssen a Kënnen hunn – haut muss ee soen, di néidig *Kompetenzen* – fir sich dorëm ze këmmen. An déi *villfältig* Ausbildunge sollen a mussen och weider an der Ackerbauschull ugebuede ginn.

Och dat ass eng national, landesplanerisch Missioun där eng nei Ackerbauschull muss kënne gerecht ginn.

- 1.3. Eng ganz Panoplie vu komplementäre Formatiounen, di seit Jaren schonn an der Ackerbauschull besonnisch an de Beräicher *mécanique, horticulture a silviculture* ugebuede ginn – an do kommen an Zukunft méi wi eng zousätzlich Ausbildungssparten speziell am Ëmweltberäich dobäi – brauchen *dringend und zwingend spezifisch Aariichtunge* fir di theoretisch a virun allem fir di praktisch Ausbildung, déi de Moment op e puer Site verspriet leien.

2. WOU SOLL DI NEI ACKERBAUSCHULL HIN ?

- 2.1. Wann d'Atelieren, d'Laboratoiren, d'Pépinieren an d'Versuchsfelder vun der Ackerbauschull su wäit wi méiglich op engem *site unique* solle konzentriert ginn – an dat ass den ausdréckliche Wunsch vun der Direktioun vun der Ackerbauschull – heescht dat, dass ee gréisseren Terrain – et geet Reeds vu 15 Hektar – gebraucht gëtt fir eng nei Ackerbauschull opzeriichten.

Um aktuelle Site zu Ettelbréck an der avenue Salentiny besti keng Ausbauméiglicheeten an et ass och keen anere gëeegenten Terrain zu Ettelbréck disponibel fir d'Ackerbauschull intern ze delocaliséieren. Net nëmmen aus geschichtliche Grënn muss d'Ackerbauschull, wann net zu Ettelbréck, dann awer op d'mannst an der Nordstad bleiwen.

- 2.2. Säit 1979, also vun Ufank un, kënnt de Projet vun enger neier Ackerbauschull net su richtig vun der Plaz, an dat suwuel bildlich wi och wiertlich geschwat. De *choix douloureux vum Site* ass sécher den Hauptgronn, firwat déi Prozedur vun där neier Ackerbauschull, déi *quant au fond* ouni Zweiwel d'Ënnerstëtzung vun alle Parteien a Lobbyen huet, vu Jarzängt zu Jarzängt, a vu Regierung zu Regierung schleeft an zur Schweregeburtsausart.
- 2.3. De Site Kréiwénkel huet virun allem den Nodeel, dass en eng Entorse vum allgemenge lokalpolitische Credo bzw. Dogma vun der **Unbebaubarkeit vun den Häng an de Kopp an der Nordstad**, a ganz besonnisch zu Dikrich duerstellt. An dat obschonns den *Hanglagenbebauungsverbot* net méi als *principe absolu* kann ugesi ginn, well punktuell di eng oder aner Ausnahm duerchaus toleréiert gëtt. Mir wäerten nach do drop zrëck kommen.
- 2.4. Verschidde Parteie werfen ëmmer rëm dem Site Kréiwénkel vir, e wär net zoulässig fir d'Implantatioun vun där neier Ackerbauschull, well dee Projet *en contradiction flagrante* mat den Dispositiounen vum **Masterplan Nordstad vun 2008** wär.

An der *préface* zu der « Déclaration Nordstad » an als Introductioun zum « Masterplan Nordstad » schreift de Minister Jean-Marie HALSDORF – an ech zitieren : *Am 22. Mai 2008 haben die 6 Gemeinderäte der NORDSTAD mit einer überwältigenden Mehrheit, ja*

fast Einstimmigkeit, den Masterplan NORDSTAD als zukünftige „Roadmap“ gutgeheißen. Parallel wurde eine politisch sehr bedeutende Resolution gestimmt. Ein umfassendes 10-Punkte-Programm beschreibt die Weichenstellungen und bedeutet eine nicht zu unterschätzende kurz- und mittelfristige „to do list“ für alle Akteure.

An aus der « Déclaration Nordstad » déi den Dikricher Gemengerot och den 22. Mee 2008 à l'unanimité gestëmmt huet, also och mat de Stëmme vun der deemoliger Oppostioun LSAP an DP, wollt ech just de Punkt 3 hei an Erënnerung ruffen, dee seet – an ech zitieren : *Le conseil communal décide ... Punkt 3) d'approuver le « Masterplan Nordstad » en tant que stratégie commune avec ses projets pilotes et lignes directrices ... an de Punkt 4) d'intégrer le « Masterplan Nordstad » dans le PAG de la commune et de l'utiliser en tant que document de référence pour garantir la conformité des projets d'aménagement communal et de développement urbain à la stratégie globale.*

Am Masterplan Nordstad selwer steet – an ech zitieren aus dem Kapitel 3 « Siedlungsräumliches Leitbild » vun der Säit 52 : *In erster Linie sind die Tallagen zu entwickeln. Dazu gehört nicht nur die Ausweisung von neuen Flächen, sondern vor allem auch die Neuordnung und Verdichtung in den Innenbereichen. In zweiter Linie sind die Hanglagen auf ihre Bebaubarkeit zu prüfen. Die Höhenlagen sollen erst in dritter Priorität (Ausnahme Fridhaff) entwickelt werden.* Am Kapitel 4 „Räumlich-funktionales Leitbild nach Gemeinden“ steet op Säit 58 – an ech zitieren : *Der Ortsteil Gilsdorf hat eine starke Orientierung nach Diekirch mit dem es baulich nahezu zusammengewachsen ist. Die **Verlegung der Ackerbauschule nach Gilsdorf** wird diesen Bezug nochmals verstärken und die Attraktivität als Wohnstandort weiter begünstigen. Die dafür vorhandenen Wohnbauflächenpotenziale, überwiegend in Hanglage, müssen differenzierten Baukonzepten unterworfen werden, um behutsam entwickelt werden zu können.*

Zum Masterplan Nordstad gehéiert och eng *partie graphique* a besonnisch eng Kaart vun der *organisation territoriale* vun der Nordstad in Punkto *institutions de l'enseignement secondaire de la région Nordstad*, eng Art *Plan sectoriel régional « Lycées »*. An enger 1. Versioun vum Masterplan ass de Bau vun der neier Ackerbauschull iertümlischerweis bei Dikrich opgeléicht ginn. An engem Zousazdokument gëtt präzis op 3 *Errata*, 3 Feeler am Initialdokument higewisen : Deen éischten *Erratum* betrëfft den Tracé vun der Ëmgehungsstross vun Dikrich an di 2 aner *Errata* betreffen de Site vun där neier Ackerbauschull. Hei steet geschriwwen – an ech zitieren aus dem Zousazdokument : *In Teil E, Kapitel 5, Seite 110 war das « Lycée technique agricole » in der Aufstellung versehentlich bei Diekirch aufgeführt. Die Einrichtung ist in Bettendorf/Gilsdorf geplant. In Teil C, Kapitel 3, Seite 52 an In Teil C, Kapitel 4, Seite 53 ist im Plan der gelbe Ring entsprechend geändert.*

Et besteet deemno keen Zweifel, dass de Masterplan Nordstad den Transfert vun der Ackerbauschull aus der avenue Salentiny vun Ettelbréck an d'Ëmgéigend vun Dikrich, an zwar eendeitig op de Site Kréiwénkel op Bettendrefer Terrain virgesäit. Et muss een deemno mat der Behauptung Kréiwénkel wär net Masterplan-konform dach e bësse méi virsiichtig ëmgoen, well se einfach net stëmmt.

- 2.5. Di selwicht Leit bzw. Parteien di ëmmer rëm behaupten, de Site Kréiwénkel wär net kompatibel mat dem Masterplan Nordstad fannen och dass den « Projet LTA Kréiwénkel » *en contradiction flagrante* mat den Dispositiounen vum **IVL vun 2004** wär. IVL steet hei fir « Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept für Luxemburg », een Dokument dat an Zesummenaarbecht vu 6 verschiddene Ministerien ausgeschafft gouf, notamment vum Ministère de l'Intérieur, vum Ministère des Transports, vum Ministère de l'Environnement, vum Ministère des Travaux Publics, vum Ministère de l'Economie a vum Ministère des Classes Moyennes, du Tourisme et du Logement.

Am IVL steet – an ech zitieren : *Die Nordstad soll als Zentrum für den Norden aufgewertet werden und deshalb quantitativ und qualitativ entwickelt werden. Aufgrund der Überschwemmungsbereiche und der gewachsenen Siedlungsstruktur ist die Bebauung ausgewiesener und neuer Flächen im Tal kaum mehr möglich. **Größere Flächenpotentiale finden sich nur an den Hängen und auf den Plateaus.** Hier stehen einer Flächenentwicklung jedoch zum einen zahlreiche Restriktionen entgegen und zum anderen ist die Erschließung technisch und finanziell nur mit höherem Aufwand zu schaffen, so dass die Erschließung nur im Zusammenhang mit der Entwicklung einer größeren Baufläche erfolgen kann. Die Bebauung größerer Flächen verändert das Landschaftsbild jedoch nachhaltig. Aufgrund dieser Schwierigkeiten muss zukünftig bei der Entwicklung von neuen Siedlungsflächen eine **höhere Baudichte angestrebt und die Mobilisierung von Potenzialflächen im Innenbereich** – also och an der Sauerwiss – an Bedeutung gewinnen. ... Bei einer Weiterentwicklung der Nordstad ist die Freihaltung von Grünzäsuren zwischen den Gemeinden zu beachten, um ein Zusammenwachsen der Siedlungskörper zu verhindern. ...*

*Problematisch für die schienengebundene ÖPNV-Erschließung innerhalb der Nordstad ist allerdings, dass nur relativ wenig vorhandene und potenzielle Siedlungsflächen im flußläufigen Einzugsbereich entlang der Bahnstrecke liegen. Insbesondere für die geplante Bebauung auf dem Plateau ist aufgrund der topografischen Gegebenheiten nur eine Buserschließung denkbar Eine Bebauung auf dem Plateau ist aus verkehrlicher Sicht nur dann sinnvoll, wenn eine **leistungsfähige Busanbindung mit plausibler Linienführung** hergestellt werden kann. ...*

Im Rahmen des Projektes „Entwicklungsplan Nordstad“ ist zunächst zu untersuchen, welche Potenziale im Bestand bzw. auf in den Tallagen befindlichen Flächen bestehen.

Weiterhin ist zu prüfen, welche Vorleistungen für weitergehenden Schritte (z.B. eine Plateaubebauung) erforderlich sind und ob bzw. wie diese sinnvoll und verträglich wären.

Dies bedarf Überlegungen bezüglich der verkehrlichen Erschließung, der Art der Bebauung (erforderliche Dichten gegenüber kleinteiligen, gewachsenen Strukturen) und der sozialen Integration der hohen Anzahl neu zuziehender Einwohner.

Genau wéi de Masterplan Nordstad schléisst also och den IVL eng Bebauung vun den Häng a vun de Koppen net systematisch aus, weist awer drop hin, dass besonnisch di verkéierstechnisch an ökologisch Rahmenbedingunge mussen erfüllt sinn.

An der Realitéit gesäit et allerdéngs sou aus, wi wann d’Koppe ronderëm Dikrich net all dee selwichte Stellwäert hätten oder wi wann di eng oder aner Kopp de verantwortliche Politiker méi oder manner hellig wär. Et fénnt nämlich kee Mënsch een Har an der Zopp wann um Härebiërg Halen opgeriicht ginn an um Fridhaff Handwierskbetrieber sich néierloossen, an dat zu Recht. Am Norden – um Härebiërg – geet, wat am Süden – op Kréiwénkel – net däerf sinn.

2.6. Op der Receptioun fir di 45. Ausgab vun der Marche de l’Armée an der Hotelschull huet den Dikricher Buergermeeschter, de 2. Juni 2012, haart an däitlich gesot, hee kéint sich keng Zukunft vun der Stad Dikrich oni d’Präsenz vun der Arméi um **Plateau vum Härebiërg** virstellen. An ongewinnt waarme Wieder huet heen d’Relatioun mat de Verantwortliche vun der Arméi a vum Härebiërg beschriwwen. Wann de Buergermeeschter – an aner Leit vun Dikrich a vum Härebiërg – d’Arméi wierklich zu Dikrich wëlle behalen, musse si och averstan sinn, fir den Zaldoten di néidig Infrastrukturen um Härebiërg zouzegestoën. Als Dikricher Buergermeeschter kann a wäert den LSAP-Deputéierte Claude HAAGEN de logistischen an technischen Ausbau vun de Kasäre Grand-Duc Jean um Härebiërg net verhënneren oder net net autoriséiere mam Argument, dass laut Masterplan Nordstad oder laut IVL d’Bebauung vun den Häng an de Koppe verbuede wär.

2.7. Dat selwicht gëllt fir di *zone artisanale* Nordstad, kuerz ZANO, déi de « Syndicat pour la création, l’aménagement, la promotion et l’exploitation de zones d’activités économiques sur le territoire des communes de la Nordstad » am Gaang ass um **Plateau Fridhaff** anzeriichten. A keen anere wéi de Claude HAAGEN ass jo nom Jacques DAHM den 2. Präsident vum Comité syndical vum ZANO a mir hoffen, dass heen an där Qualitéit sech mat sengem ganze politische Gewicht duerfir asetzt, dass d’Handwiersk an den Handel an dese schwierigen Zäite rëm eng Perspektiv an der Nordstad fannen a kréien. Mir si fest dovun iwwerzeegt, dass den Dikricher *député-maire* zu kengem Moment dru geduecht huet oder drun denkt, sech selwer, dem ZANO-Präsident, di néidig Autorisatioune fir de Bau vun der Aktivitéitszone op Fridhaff net ze ginn.

Et ass definitiv eng Fro vu Koppen a vu Kapen.

Mä, och wann de Site Kréiwénkel schlussendlich dach Masterplan-konform an IVL-kompatibel ass, muss en nach net dee Site *nec plus ultra* fir di nei Ackerbauschull duerstellen.

Am Ufank waren ± 15 Siten am Gespréich. A sengem Kommentar zum Projet de Loi huet de Minister WISELER beim Debat um Krautmaart klor an dätlich gesot, dass vun deene 15 Site schliisslich Kréiwénkel deen eenzige Site geweecht wär, deen alle Kritären hätt kënnen engigermoossen gerecht ginn an deen och nach ze kréie geweecht wär. Besser ee Spatz an der Hand wéi eng Dauf um Daach.

Mee loosse mir mol fir d'éischt den honorablen LSAP-Deputéierten NEGRI zu Wuert kommen. Bei der Diskussioun an der Chamber huet hee gesot – an ech zitieren: *Mir schwätzen an dësen Zäite vill dovunner, dass manner Suen am Budget sinn, dass mer musse spueren an och bei den Investitioune Prioritéite setze mussen. Wann et awer eng Investitioun gétt, déi entscheidend fir d'Zukunft ass an domat déi gréisste Prioritéit huet, dann ass et d'Investitioun an d'Schoulen an an d'Ausbildung vun eise jonke Leit. Hei däerf net gespuert ginn an et muss alles drugesat ginn, dass am Beräich vun der Bildung déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt ginn.*

E puer Zeile weider seet heen: *Et sinn awer net nëmmen d'Suen, déi driwwer décidéieren, ob a wéi séier e Projet ka realiséiert ginn. Zu Lëtzebuerg gétt et ganz oft Diskussiounen ëm dee gëeegente Site, an dat ass an dësem Fall och net anescht. De Minister huet eis an der Kommissioun erkläert, dass et schwierig gewiescht wier, e Site ze fannen, deen all d'Konditiounen erfëllt hätt. Eng Ackerbauschoul brauch nun emol net nëmme Kllassesäll, mä och Terrain fir de prakteschen Unterrecht, an dat am beschten op engem eenzegen, zesammenhängende Site.*

Fir d'Chamber ass et net ëmmer ganz einfach, ze beuerteelen, wat fir eng Alternativsiten existéiert hätten a wat d'Vir- an d'Nodeeler dovunner gewiescht wäeren. De Minister huet eis awer an der Kommissioun verséichert, dass verschidde potenziell Siten analyséiert gi waren an dass keen aneren déi gewünschte Kritären esou gutt erfëllt hätt wéi deen, deen elo ausgewielt gouf.

D'LSAP-Fraktioun vertraut dorop, dass déi Analysë gewëssenhaft an objektiv gemaach goufen an dass de gewielte Site dee beschtméiglechen ass. Et bleift awer sécher, dass net all d'Aspekter vun deem ... Projet hei ideal geléist sinn, ënner anerem, wat d'Ubannung un den öffentlechen Transport betrëfft.

D'Gestaltung vum Accès zum Lycée an d'Gestioun vum Verkéier sinn zwee wesentlech Elementer, fir d'Akzeptanz vum Projet méi grouss ze maachen. D'LSAP-Fraktioun geet dovun aus, dass de Minister mat den Acteuren um Terrain an dëser Fro no enger beschtméiglecher Léisung sicht, fir dass d'Ackerbauschoul geschwënn iwwer eng adequat a modern Infrastruktur verfüge kann.

Fir d'éischt hält de Minister Claude WISELER mol prinzipiell fest – an ech zitieren: *Mir wëllen d'Ackerbauschoul an der Nordstad loossen, well et eis logesch schéngt, datt si dohinner kënnt. ... et gëtt eng ganz Rei Argumenter, déi fir de Site op Kréiwénkel zu Gilsdorf schwätzen.*

Et war am Ufank eng Diskussioun iwwer 15 Siten an der Nordstad gefouert ginn, déi alleguer analyséiert gi sinn, in puncto Aménagement du Territoire, Accessibilité, d'Qualitéit vum Site, seng Fonctionnalitéit an d'Faisabilitéit vum Projet op deem jeweiliger Site.

Aus där Etüd si siwe Siten erausgeholl ginn. Et sinn der nach aacht bliwwen. No enger weiderer Analys ... sinn nach dräi Sitë iwwrigbliwwen. Déi Analyse si gemaach ginn, fir ze kucken, wou den Terrain net an enger Zone inondable läit, wou mer kee Voisinage direct hätten, wou den Terrain deelweis schonn a staatlechem Besëtz wär, wou Acquisitiounsméiglechkeete vun den Terraine wären, wou Synergië wäre mat anere Strukturen, a speziell mat anere Lycéeën ... a wou aner Surfacen nach disponibel wären.

Dräi Sitë sinn also zrëckbehale ginn: ... éischtens op der Laduno zu Ierpeldéng, zweetens am Walebroch zu Dikrich ... an drëttens op Kréiwénkel zu Gilsdorf ...

Op Kréiwénkel zu Gilsdorf läit den Terrain net an enger Zone inondable, do besteet kee Voisinage direct, et handelt sich ëm Terrainen, déi zu engem grousem Prozentsaz schonn dem Stat gehéieren, Synergië mat anere Schoule kéinte genotzt ginn, grous Surfacë wären disponibel an och nach aner Installatioune kéinten do opgeriicht ginn.

A senge weideren Ausféierungen huet de Minister Claude WISELER dunn nach Detailer verrodde, wou all di aner nei oder komplementär Schoulinfrastrukturen an der Nordstad sollen hi kommen:

- den **LTEtt**-Ausbau (Lycée technique Ettelbréck) kënnt vis à vis an di AI Ackerbauschull
- den **LTPS** (Lycée technique pour Professions de santé) soll och op där Plaz, also no bei der Ettelbrécker Klinik, gebaut ginn (de Bau soll 2013 ufänken)
- den **CNFPC** (Centre national de formation professionnelle continue) kënnt entweder op Schieren oder an de Walebroch op Dikrich an dann
- den **Nordstad-Lycée** kënnt op Ierpeldéng hannert d'Laduno
- den **LTA** kënnt schlussendlich op Kréiwénkel zu Gilsdorf wou 15 Hektar Land zur Halschent fir d'Gebailichkeete selwer vun der Schoul mat hieren Annexen an zur Halschent fir Aktivitéite wi d'Pépinierë fir de Gaardebau, d'Pépinierë fir Activités forestières an een Arboretum gebraucht ginn. Op kengem anere Site hätt dat Land an deem Ausmooss zur Verfügung gestan.

Et muss een och bedenken, dass am direkten Ëmfeld vum Site Kréiwénkel zousätzlicht Akerland läit, wat haut schonn vun der Ackerbauschull genotzt gëtt.

Bis elo waren d'Aktivitéite vun der Ackerbauschull nämlich op 5 verschidde Site verspreeht. Niewent dem d'Haaptgebai an der Avenue Salentiny zu Ettelbréck hu verschidde Servicer vun der Ackerbauschull zu Kolmer, zu Ierpeldéng an der Laduno, um Haff LEIDER (1,5 Hektar) an um Haff SCHOLTES (24 Hektar) zu Bettendref funktionéiert.

An Zukunft kënnen d'Aktivitéite vun der Ackerbauschull ronderëm de Site Kréiwénkel op enger Gesamtfläch vu ronn 40 Hektar regroupéiert gin. D'Atelieren zu Kolmer ginn net méi gebraucht an d'Laduno zu Ierpeldéng fällt och wech, sou dass d'Aktivitéite vun der Ackerbauschull sich dann ausschliesslich op Kréiwénkel, um Haff LEIDER an um Haff SCHOLTES ofspillen.

3. WAT BRÉNGT DI NEI ACKERBAUSCHULL DER STAD DIKRICH AN DER NORDSTAD ?

3.1. Infrastrukturen

De Minister huet deene meeschten Infrastruktur- a Versuerungsproblemer vum neien LTA op Kréiwénkel déi am Avis vum 26. Oktober 2009, deen – et kann een et net oft genuch soen – eestëmmig vum Dikricher Gemengerot gestëmmt gouf, opgeworf gi waren, Rechnung gedroen.

Sou konnten duerchaus zefriddestellend Léisunge fonnt gi fir d'Evakuatioun vum Reewaasser a vum d'Ofwaasser, op déi ech awer op dëser Plaz net am Detail wäert agoen. Déi Intresséiert kënnen di technisch Aspekter vun de Reen- an Ofwaasseranlagen am Projet selwer an am compte-rendu vun der Debatt an der Chamber noliesen. Wann d'Stad Dikrich deem neie LTA och gären Drénkwaasser a waarmt Waasser fir ze hëtze geliwwert hätt, kann een awer och mat där Entscheidung vum Staat fir d'Drénkwaasser bei der Bettendref Gemeng ze kafen an de Site mat Holzackschnitzel ze hëtzen, averstan sinn.

Bleift de Problem vum Accès vum Site an d'Organisatioun vum Verkéier zu Dikrich an an der Nordstad.

3.2. Verkéier

Mir si genau där selwichter Meenung wi d'LSAP-Fraktioun – wuel verstan d'LSAP-Fraktioun aus der Chamber – dass d'Gestaltung vum Accès zum LTA an d'Gestioun vum Verkéier an der Nordstad zwee wesentlich Elementer sinn, déi d'Akzeptanz vum Projet bestëmmen. D'LSAP-Fraktioun – wuel verstan rëm d'LSAP-Fraktioun aus der Chamber – geet dovun aus, an ech zitieren den honorablen LSAP-Deputéierten NEGRI, *dass de Minister mat den Acteuren um Terrain an dëser Fro no enger beschtméiglecher Léisung sicht, fir dass d'Ackerbauschoul geschwënn iwwer eng adequat a modern Infrastruktur verfüge kann* – an ech ergänzen – fir dass d'Stad Dikrich an hir Awunner su mann wi méiglech ënnert den negative Konsequenze vun dësem, fir d'Nordstad dach su wichtige Projet ze leiden hunn.

- 3.2.1. Well eben den Impakt vun der Verkéiersorganisatioun am Kontext vum « Projet LTA Kréiwénkel » su wichtig ass a besonnisch den Awunner aus der Sauerwiss schrecklich Kappzereches mécht, kritt **d'Verkéiersétude Nordstad** eng nei Bedeitung a vill méi Gewiicht. D'Resultat vun där Etude muss noutgedronge bei der weiderer Planung vum « Projet LTA Kréiwénkel » agebonne ginn.
- 3.2.2. Wann d'Ackerbauschull aus der Ettelbrécker Avenue Salentiny op Kréiwénkel bei Dikrich kënnt an den Nordstad-Lycée vun Dikrich op Ierpeldéng verluecht gëtt, da bréngt dat ee **Surplus vu ronn 200 Schüler** fir Dikrich mat sich. 400 Schüler gi mat dem Nordstad-Lycée vun Dikrich op Ierpeldéng an et komme 600 Schüler mat der Ackerbauschull vun Ettelbréck op Gilsdref. Déi zousätzlech 200 Schüler sinn allerdéngs meeschtens net zu gläicher Zäit op dem Site Kréiwénkel.
- 3.2.3. Well an Zukunft d'Aktivitéite vun der Ackerbauschull sich all an deem selwichten Eck konzentréieren – op Kréiwénkel, um Haff LEIDER an um Haff SCHOLTES zu Bettendref – **fällt de Pendelverkéier queesch duerch d'Nordstad natierlich wech**. Och dat ass e positiven Nieweneffekt vum dem « Projet LTA Kréiwénkel » dee *summa summarum* keng wesentlich Verschlechterung vun Verkéiersopkommes zu Dikrich wäert hunn.
- 3.2.4. Wann den LTA op Kréiwénkel kënnt, ginn nämlich eng ganz Rei vun **zousätzliche Busarrête** gebaut : Fir d'éischt mol um Site LTA selwer, awer och op der Busgare vum Campus MERTEN beim LCD an, *last but not least*, an der Fielserstrooss uewerhalb vun deem neie Rond-Point route de Larochette – rue Merten – rue Sauerwiss. Besonnisch vun deene letzte Busarrêten an der Fielserstrooss wäerten och d'Awunner aus der Sauerwiss profitéieren an all déi, Grouss oder Kleng, déi an de Conservatoire de Musique Nord komme wann deen dann ab 2016 an där fréierer Sauerwisseschull ageriicht gëtt.
- 3.2.5. Eng indirekt Konsequenz vum LTA op Kréiwénkel ass de **contournement Nord vun der Stad Dikrich**, deen neierdéngs – mir hunn dat scho gesinn – op der Prioritéitelëscht vun der Administratioun des Ponts et Chaussées a vun der Regierung steet.
- 3.2.6. Alles dat féiert dozou, dass *à court terme* de motoriséierte Verkéier an an duerch Dikrich onwesentlich kann zouhuelen. *A long terme*, wäert virun allem duerch deen ominöse *contournement Nord* awer och duerch ee méi performanten öffentliche Persounentransport de Verkéier an Dikrich dës Kéier wesentlich an definitiv verbessert ginn. Ech erënnere nach eng Kéier un den IVL dee seet : *Eine Bebauung auf dem Plateau ist aus verkehrlicher Sicht nur dann sinnvoll, wenn eine leistungsfähige Busanbindung mit plausibler Linienführung hergestellt werden kann*. An dat ass net nëmme fir d'Stad Dikrich eng *conditio sine qua non*.

3.3. Schoulen

- 3.3.1. Scho leng aus **geschichtliche Grënn** gehéiert d'Ackerbauschull an d'Nordstad. All Nordstadgemeng muss hieren Deel dozou bäidroen, dass d'Ackerbauschull an der Nordstad ka bleiwen. Wann de Site Kréiwénkel deen eenzige Site an der Nordstad ass, dee passt an deen och nach disponibel ass, da mussen all d'Nordstadgemengen deen Transfert vun der Ackerbauschull vun Ettelbréck op Kréiwénkel zu Gilsdref bei Dikrich akzeptéieren an ënnerstëtzen. An dobäi sinn ech mir net sécher, ob dat fir Ettelbréck net méi schwéier ass wéi fir Dikrich.
- 3.3.2. D'Ackerbauschull ass grad wéi d'Hotelschull eng **national Schull**: Et gëtt nëmmen eng vun där Zort am ganze Land. Wéi d'Kasären um Härebiërg, de Centre hospitalier du Nord an der avenue Salentiny, d'Gericht op der Kluuster, de Musée National d'Histoire Militaire am Bamerdall, d'Däichhal zu Ettelbréck, de Conservatoire de Musique du Nord zu Dikrich an zu Ettelbréck, di Al Kiirch zu Dikrich an di nei Gare zu Ettelbréck ... gehéiert och d'Ackerbauschull – su laang se an der Nordstad bleift – zu dem *patrimoine culturel, administratif, technique et scientifique* vun der Nordstad. Dat ass d'Nordstad an dat ass dat, wat d'Nordstad eenzigaartig mécht: Wa mir d'Ackerbauschull opginn, verléiere mir een Deel vun eiser Nordstad-Identitéit.

Mir däerfen et net sou wäit komme loossen.